

(Hilarité)

**M. Gilles Baum** (DP) | Mee ech mengen, mee ech mengen ...

**Une autre voix** | Hei an der Chamber ass nach keen an dee Genoss komm.

**M. Gilles Baum** (DP) | Macht Iech keng Gedanken. Mee ech mengen, ech géif Iech Merci soen. Dir waart och als Ministesch ëmmer disponibel, fir an d'Chamber ze kommen. D'Madamm Cahen hat mech de Mëtteg gefrot: „Wat mungs de, um wéi vill Auer muss ech do sinn?“ Ech hat gesot: „Komm, ech mengen, esou 17.00 Auer, 17.30 Auer wäert et sinn.“ Elo ass et 20.00 Auer. Merci fir Är Disponibilitéit. Merci fir Ären Asaz. An ech sinn iwwerzeegt, dass Der mat deem selwechten Asaz Äert Amt um Knuedler wäert unhuelen.

(Applaudissements)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. An erlaabt mir, mech perséinlech deene Mercien alleguer unzeschleissen. A wann ech een Hutt hätt, ech géif e virun der Aarbecht vun der Madamm Cahen ofdinn. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer déi Geleeeënheet awer nach dacks kréien. Merci villmools!

(Applaudissements)

A mir mussen awer nach zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8212 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8212<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8212 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmme ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Gälles, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Tess Burton) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 19. 8169 – Projet de loi portant :

### 1<sup>o</sup> modification

**a) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées ;**

**b) de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant organisation du Centre psychosocial et d'accompagnement scolaires ;**

**c) de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental ;**

**d) de la loi du 20 juillet 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire ;**

**2<sup>o</sup> abrogation de la loi modifiée du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers**

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8169 iwwert d'Prise en charge vu Kanner mat spezifesch Bedürfnisser. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporten vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

**M. Claude Lamberty** (DP), rapporteur | Jo, merci, Här President. Also, wien den Ordre du jour festgeluecht hat, deen hat warscheinlech vergiess, dass eigentlech no deem hei Projet nach ze schwätzen elo relativ schwéier ass no deem würdegen Ofschloss, mengen ech, vun der leschter Ried vun der Familljeministesch. Mee ech probéieren dann, dee leschte Projet dann awer och nach ze presentéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de virleende Gesetzesprojet, deen huet als Zil, dass eng Prise en charge fir Kanner mat spezifesch Besoine während hirer ganzer Schoulzäit garantéiert ass. Duerch déi Adaptatiounen, déi haut hei virleien, soll eise Bildungssystem nach méi inklusiv an nach méi gerecht ginn, mam Endzil, wéi gesot, dass Kanner mat spezifesch edukative Besoine verbessert – a besonnesch konstant – méi Méiglechkeete kréien, an der Schoul kënnen ze reusséieren.

Am Koalitionsaccord huet d'Regierung sech derzou engagéiert, déi bestoend psychologesch an och sozioedukativ Strukturen a Mesuren an de Schoulen op de Leescht ze huelen an ze verbesseren.

Abee, haut kënn e weideren Deel vun där Ëmsetzung aus dem Koalitionsaccord derbäi. Am Ufank vläicht wichteg ze soen, ass, dass am Virfeld vun der Ausaarbechtung vum Gesetz Gespréicher mat concernéierten Acteure gefouert goufen, sief dat mat Enseignanten, sief dat mat Educateuren, mat der Commission nationale d'inclusion, mat den Direktiounen, awer och mat den Elteren an och der Schülerverriedung.

Och d'Reflexiounen aus dem Accord vum 16. November 2021 tëscht dem Ministère an den Educateursassociatiounen sinn an de Gesetzestext matagefloss.

Ech lëschten an den nächste Minutte kuerz a knapp déi wichtegst Neierungen op, fir ze skizzéieren, wat alles wäert änneren:

Genee wéi am Fondamental sollen och an de Lycéeën professionnell Ekippe fir Schüler mat spezifesch Besoinen, déi sougenannt ESEBen, agefouert ginn. Soumat schafe mir eng besser Kohärenz tëscht der Prise en charge an de Grondschoulen an duerno an de Lycéeën.

Fir d'Zesummenaarbecht tëscht den eenzelnen Acteuren ze stäerken, gëtt an all Lycée en „département éducatif et psycho-social“ geschaaft. Dës Entitéit, déi regroupéiert da souwuel de Service psycho-social et d'accompagnement scolaires, de Service socio-éducatif, d'Cellule d'orientation et d'intégration scolaire wéi och dann déi nei ESEBen a jee no Lycée och d'Internat.

An engem drëtten Punkt adaptéiert dëse Projet de loi d'Zesummesetzung an d'Missioune vun de Commissions d'inclusion vun de Lycéeën a stäerkt hir Zesummenaarbecht mat der Commission des aménagements raisonnables.

Fir esou schnell wéi méiglech op déi individuell Besoine vun de Schüler ze reagéieren an hinnen déi néideg Ënnerstützung kënnen ze bidden, proposéiert dësen Text ausserdeem, déi administrativ Prozeduren ronderëm d'Prise en charge ze vereinfachen. Och d'Phase vum Diagnostic an d'Delaie fir d'Mise en place vun den Hëllefsmesuren sollen heimadde verkiert ginn.

Des Weidere schaaft dëse Projet de loi d'Fonction vum „délégué à la protection des élèves“ an de Lycéeën a stäerkt d'Matsproocherecht vun de Kanner a Jugendleche bei wichtegen Decisiounen, déi hire Schoulalldag betreffen.

Um Niveau vun de Grondschoule schaaft dëse Gesetzesprojet den neie Poste vum „assistant pour élèves à besoins éducatifs spécifiques“. Dësen Assistent soll d'I-EBSen, also d'Enseignanten, déi Kanner mat spezifesch Besoine schoulesch ënnerriichten, bei einfachen Alldagstächen ënnerstëtzen, wéi zum Beispill de Kanner, déi dat brauchen, beim Un- a beim Ausdoen hëllefen. Ech wëll op dëser Plaz preziséieren, dass dës Assistenten net den Unterrecht am Klassenall aktiv gestalten, mee konkret do sinn, fir deene Kanner ze hëllefen, d'Alldagserauserforderungen ze meescheren, a den Enseignant selwer sech kann op d'Ënnerriichte vun de Kanner konzentréieren.

An engem leschte Punkt schaaft dëse Projet de loi eng nei Administratioun, déi fir d'Promotioun vun der inklusiver Bildung a fir d'Implementéierung vum neie Gesetzeskader soll zoustänneg sinn: de „Service national de l'éducation inclusive“.

Komme mer op d'Avis vum Staatsrot an de Kummeren ze schwätzen. Fir den Entworf vun dësem Gesetzesprojet huet den Educationsministère vun Ufank un d'Gespréich mat de Gewerkschaften an den Acteuren vum Terrain gesicht. Den SEW, den OGB-L an d'APPCA hu sech an hirem Avis immens gefreet iwwert dës Approche an Zesummenaarbecht gewisen. Si begreissen, datt d'Enseignanten an Zukunft méi Ënnerstützung bei der Prise en charge vu Schüler mat spezifesch Besoine kréien, notament duerch d'Kreatioun vun den Assistenten am Fondamental a vun den ESEBen am Secondaire.

Et misst een allerdéngs kucken, datt déi nei Strukturen, wéi zum Beispill den Département éducatif et psycho-social an de Service national de l'éducation inclusive, net just zousätzlech bürokratesch Hürde fir d'Personal mat sech bréngen. Deen nämmleche Punkt huet och de Conseil supérieur des personnes handicapées a sengem Avis opgeworf.

D'Staatsbeamtekummer begreist d'Aféierung vum neien Assistent an deem Comité de liaison am Fondamental. Souwuel d'Qualitéit vun der Prise en charge wéi och d'Vernetzung vun den Acteuren géifen do duerch verbessert ginn. Si zweifelt allerdéngs do runner, dass een Diagnostik an engem Delai vu véier Schoulwoche kéint maachen. Hei dernieft freet si och weider Prezisiounen zu der Karriär an de Missioune vun den nei geschaaften Posten.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis eng Rei haaptsächlech technesch Froen opgeworf, déi awer duerch Amendementer all konnte gekläert an esou och, jo, opgehuewe ginn. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëffleche Rapport.

An ech kann, mengen ech, als Konklusioun soen, dass ech den Owend frou sinn, dass mer mat dësem Gesetzesprojet eise Zil vun enger inklusiver Bildungslandschaft nach e Stéck méi no komm sinn. Mat den neie Mesüre schafe mir den néidege Kader, fir Kanner mat spezifeschene edukative Besoine fair Chancen op e gudden Ofschloss kënnen ze bidden. Laang Delaien an inkohärent Prozedure schafe mir aus dem Wee an erméiglechen de Schüler doduerch eng schnell, eng effikass an eng duerchgoend Prise en charge vum Ufank bis zum Enn vun hirem Schoulparcours.

Ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Reporter Claude Lamberty.

An éischten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Martine Hansen.

### Discussion générale

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Merci, Här President. An direkt och e grouse Merci un de Rapportier fir säin ausféierleche Rapport. Dat ass nämlech och gutt esou, well mat engem Modèle de base ass et schwierig, hei nach eng Kéier op d'Detailer anzugehen. Mat dësem Gesetz soll elo de psychosozialen an edukativen Encadrement bei de Kanner a Jugendleche verbessert ginn. „D'Inklusivoun an d'Wuefbefanne solle verbessert ginn“, krute mer de Moien nach eng Kéier erkläert.

An een Deel vun deem, wat an dësem Gesetz dran ass, war och am Prinzip am Accord festgehalen ginn. Mee et ass awer net alles, wat am Accord festgehalen ginn ass, och an dësem Projet de loi. A virun allem stéiert et d'Gewerkschaften – an dat wëll ech awer och nach eng Kéier hei soen –, dass dëse Projet de loi u sech eng Urgence kritt huet a bei deem aneren, deem u sech och heimadder gemaach ginn ass, wat d'Tächen ugeet vun deene Leit, déi schaffen an de Schoulen, an de Kompetenzzentren, keng Urgence ugefrot ginn ass. Dat war net esou ausgemeach. Dat stéisst relativ ville Leit sauer op.

Ech kommen awer nach bei den Inhalt. Sou munches gëtt hei verbessert. Dat begréisst mer och. Ech soen dräi Saachen:

D'ESEBen – et si fierchterlech Nimm –, d'Enseignant-en, déi u sech mat den Élèves à besoins spécifiques schaffen, déi kommen och an d'Lycéeën.

Am Lycée gëtt u sech en Délégué à la protection des élèves geschaaft. Datt dat net vu Muttwëll ass, dat huet déi lescht Woch déi Affär vu Mobbing a Gewalt um Schoulwee gewisen, déi an de soziale Medien ze gesi war. Fir eis ass et kloer: Mobbing a Gewalt dierfe keng Plaz an der Schoul hunn! An do musse mer wirklech alles derfir maachen, fir dat ze verhënnere.

Da gëtt et déi nei Funktioun vum A-EBS – erëm eng Kéier esou e Wuert –, vum Assistant vun den Enseignant-en, vun den I-EBSen, also vun deem, deem u sech hëllef d'Kanner undinn, wann d'Kanner vläicht net kënnen iessen, deen hinnen och do hëllef, wa se Problemer hunn. Dee kënnt direkt an d'Grondschoul, fir do ze hëllefen. Dat ass och eng gutt Saach.

Mee da kommen ech elo scho bei de „Mee“ an ech kucken dat e bëssen esou wéi eng Woschuel. Hei war elo de „Gutt“ an elo kommen ech bei de „Mee“.

Villes ass, wéi gesot, verbessert ginn, mee et sinn nach vill Froen, déi opstinn. An zum Beispill hei bei deem A-EBS: Deen ass agefouert ginn an der Grondschoul, mee net an de Kompetenzzentren. Dat war awer, esou wéi mir dat gesot kritt hunn, een Deel vum Accord. Ech verstinn awer net, dass en net an de Kompetenzzentren agefouert gëtt, well do ganz vill d'Kanner sinn, déi do Problemer hunn. An do bräichte mer deen Assistant ganz sécher och.

Dann deen nei geschafene Chef de département am – och erëm eng Kéier en neien Departement – Département éducatif et psycho-social an de Lycéeën, deen ... Also, fréier war dat emol einfach de CePAS, wou alles dra war. Elo sinn do eenzel Ekippen oder getrennt Servicer geschaaft ginn. An iwwert déi Servicer kënnt dee Chef de département.

Fir d'éischt stellt sech d'Fro: Wann ech déi Servicer ganz konkret trennen, mat ganz konkreten Aufgaben, weess ech net, ob dat hëllef fräich ass, well et muss een de Schüler als Ganz kucken mat all senger Problemer, an net jiddwereen nëmme säin Deel.

An dann: Dee Chef de département, deen ass am Prinzip och vu ville Schoule guer net gefrot ginn. Just vum Ministère ass eeben d'Ausso komm: „Dat ass keng Optioun, mee dat ass eng Obligatioun. D'Poste si schon ausgeschriwwen, et ass awer nach keng Base légale do.“

Eng drëtt Bemierkung: Den Délégué à la protection des élèves, ech hu gesot, dat ass gutt, dass deen do ass. Mir brauchen eng Ulaftell fir d'Schüler, fir dass déi och gehollef kréien an och geschützt ginn. Wou ech awer mengen, dass och eppes misst geschéien, dat ass, dass op där anerer Säit d'Schoulen – an do och d'Grondschoul an d'Lycéeën – déi néideg Moyene kréien, fir och disziplinares Mesuren ze ergreifen. Wéi gesot, et si Reegelen do. Wann ee sech net un d'Reegelen hält, da musse Konsequenze geschéien. An nëmme e Schoultourismus vun engem Lycée an deen aneren, dat kann net d'Léisung sinn.

An dann e fénnefte Punkt ... oder e véierte Punkt, eppes, wat fir eis extreem wichteg ass, wat awer e Paradigmewissel wier – an deen ass leider net hei ugeschwat ginn –, dat ass, dass mer gären an de Grondschoulen, esou änlech wéi an de Lycéeën, eng Equipe multidisciplinaire an der Schoul selwer hätten, mat Educateuren, Psychologen, Assistant social, déi direkt kënnen um Terrain agéieren, an net, wéi et elo ass: heiansdo e bëssen an der Schoul, heiansdo si se an der Direktioun an esou weider. Déi Iwwerleeunge sinn, wéi gesot, leider net gefouert ginn. Dat froen net nëmme mir, mee dat froen alleguer d'Enseignantengewerkschaften.

A mäi leschte Punkt – nach eng Kéier esou ee Begrëff –: de Service national de l'éducation inclusive. Kee gesäit d'Noutwendegkeet an, wa mer d'Avise liesen – wirklech keen! Da freet ee sech: Firwat ass dee Service awer geschaaft ginn?

D'Vertriebung vun de regionalen Direkteren huet do relativ kloer Wierder fonnt. An ech sinn u sech zoufälleg op deen Avis gestouss. Ech hat gefrot an der Kommissioun, ob keng Avisen do wieren. Do krut ech gesot, et wiere just mëndlecher do. Also, hei ass awer op d'mannst ee schrëfflechen do. Ech weess net, ob déi aner Collèges des directeurs och ee gemaach hunn. Si soen, dass net nëmme dee Service iwwerflësseg wär, mee si fäerten och nach, dass d'Prozedure méi schwéierfällg kéinte ginn.

Als CSV wëlle mer gäre séier Hëllef um Terrain, pragmatisch Léisungen an net nei Servicer. An dofir wäerte mer géint dëse Projet de loi stëmmen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Hansen. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

**Mme Simone Asselborn-Bintz** (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, all Kanner a Jonker do ofhuelen, wou se stinn, se begleeten, ënnerstëtzen a fërderen, wou si et brauchen, an hinnen domadder d'Méiglechkeet ginn, hiert individuell Potenzial ze entwéckelen: Dat sinn an eisen Aen d'Haaptaufgaben, déi e gudden ëffentleche Schoulsystem erfëlle muss. Et sinn och déi Krittären, un deenen de Schoulsystem sech muss moosse loosse. An dat Mannst, wat ee ka soen, ass, dass an deem Beräich zu Lëtzebuerg awer och nach Verbesserungspotenzial ass.

De Rapport d'évaluation 2022 vum Ministère iwwert d'Prise en charge vun den Enfants à besoins spécifiques huet dat gewisen, wat méi oder manner ëffentlech kritiséiert a beklot gouf: nämlech, dass all concernéiert Acteure ganz vill a ganz engagéiert schaffen a gutt Aarbecht maachen, mee och dass d'Hëllef, déi gebraucht gëtt, ganz dacks net an nach vill méi dacks och net an engem akzeptablen Delai bei de Kanner a Jonken ukënnt.

Déi verlueren Zäit bedeit méi wéi einfach nëmme „e bësse méi laang Waardezäit“ fir d'Schülerinnen an d'Schüler. Et bedeit och dacks extreem Frustrationen, déi och kënnen Auswierkungen op hiert Selbstwäertgefill an hiert Wuefbefannen hunn, net ze schwätze vun enger méiglecher Verschlemerung vun hirer Problematik a virun allem de Konsequenzen, déi dat fir d'Matschüler an d'Schoulpersonal kann hunn.

Mir deelen dofir d'Zilsetzung vun dësem Projet de loi, deem säi Leitmotiv eng Verbesserung vun der Inklusioun vu Kanner a Jonker mat spezifeschene Besoinen ass. Et geet drëms, d'Prise en charge ze verbessern, an dat koordinéiert, kohärent a kontinuierlech iwwer hir ganz Schoulkarriär. D'Kanner an déi Jonk mussen déi Hëllef, Ënnerstëtzung a Begleitung kréien, déi si brauchen, fir hire schoulesche Wee mat Erfolleg ze meeschten.

Eng ganz Rei vun Neierungen, déi dëse Projet de loi bréngt, gesi mer als eng reell Verbesserung:

Mir begrëissen zum Beispill, dass d'Inklusivounsmesuren an d'Prise en charge vun de Kanner a Jonken am Fundamental an am Lycée besser openeen ofgestëmmt ginn, gradewéi och d'Tatsaach, dass op ville Plazen d'Prozedure gestrafft an d'Delaen, virun allem am Diagnostic a bei der Mise en place vun de Mesuren, verkierzt ginn, soudass d'Hëllef, déi gebraucht gëtt, an engem rasonablen Zäitraum och do ukënnt, wou se gebraucht gëtt.

Dat selwecht gëllt och fir d'Zesummenaarbecht tëscht der Commission d'inclusion vun de Lycéeën an der Commission des aménagements raisonnables, déi da soll verstärkt ginn.

An och déi nei Poste vun den Assistente fir d'Schüler mat spezifeschene Besoinen kann ee positiv bewäerten, virausgesat dass kloer ass an och séchergestallt gëtt, dass si d'Instituteurs spécialisés an hirer Aarbecht an am Alldag ënnerstëtzen an assistéieren an dass si net um Enn hir Aarbecht maachen. A wa mer vum Personal schwätzen, da muss och séchergestallt ginn, dass d'Leit eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung hunn, fir den néidege Bagage ze hunn, fir hiren Alldag gutt ze meeschten, an dass hir Aarbecht och valoriséiert gëtt.

Net eleng, wat de Risiko vun engem Nivellement vers le bas ugeet, deele mer d'Suerge vun enger Partie Acteuren um Terrain. Si warne virdrun, dass mat den



neien Départements éducatifs et psycho-sociaux an de Lycéeën eventuell en administrative Waasserkaapp geschafe gött. Effektiv ass ze fäerten, dass doduerch och wichtig a scho rar geséint Personalressourcen an d'Bürokratie ginn, déi da leider fir d'Aarbecht um Terrain mat de Jonke feelen. A grad bei där Aarbecht um Terrain mat de Kanner an de Jonken ass et, wou mer déi Ressourcë brauchen.

Et ass ze kucken, wéi d'Ëmsetzung vun dëser Reform an der Praxis wäert ausgesinn an ob een dann och genuch adequat forméiert Personal fënnt, dat disponibel ass, fir dann och e weidere reelle Quantensprung an der Prise en charge vu Kanner a Jonke mat spezifesch Besoinen ze maachen. Et muss garantéiert sinn, dass dës System reegelméisseg evaluéiert gëtt, fir kënnen ze beurteilen, ob a wéi e funktionéiert, wou d'Schwachpunkten eventuell sinn a wou dann och Verbesserungspotenzial ass.

Mëttelfristeg géife mer eis wënschen, dass multidisziplinär Ekkipen an all Schoul present sinn, fir d'Kanner och kuerzfristeg optimal kënnen ze ënnerstëtzen an d'Enseignanten, wann néideg, direkt ze entlaaschten. Dëst garantéiert, dass de Klassenall alle Schüler, mat an ouni spezifesch Besoinen, e Kader bitt, an deem si gefërdert kënnen ginn.

Doriwwer eraus si mer der Meinung, dass am Fondamental och Psychologen an de Schoulgebaier present solle sinn, fir e reegelméisseg Kontakt mat de Schüler opzebauen, fir Beréierungssänscht ofzebauen a proaktiv op d'Kanner duerzegoen.

Dat gesot, wëll ech awer dem Rapporteur fir säi gudde schréfftlechen a mündlechen Rapport Merci soen. An ech ginn natierlech heimadde awer den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da ginn ech d'Wuert weider an d'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi stinn am Fong dräi Grondprinzipien am Mëttelpunkt, déi mir als Gréng voll a ganz ënnerstëtzen – an dat nach ëmmer.

Éischters de Prinzip vun der schoulescher Inklusioun vu Kanner mat spezifesch Besoinen, op deem déi meescht Dispositiounen vun dësem Projet de loi sech bezéien, dëst och mat der Aféierung vun neien Ënnerstëtzungsgremien, déi de Rapporteur Claude Lamberty opgezielt huet. An dofir ginn ech net am Detail drop an. Ech wëll him awer direkt e grouss Merci ausdrécken.

Den zweete Prinzip ass dee vum Kanner- a Jugendschutz, deem duerch d'Aféierung vum Délégué à la protection des élèves an de Lycéeën als Ulaßstell a Schutzstell agefuert gëtt – wat och wierklech eng gutt Saach ass.

An drëttens geet et ëm de Prinzip vun der Matbestëmmung vu Kanner a Jonke bei allen Decisiounen, déi se betreffen, wat mer och ëmmer op en Neits gefuerdert hunn.

An dofir si mer der Meinung, dass all Fortschritt, deem an deenen dräi Beräicher gemaach gëtt, immens wichtig ass, well en zu der Ëmsetzung vun der Kannerrechtskonventioun an zu der Behënnerte-rechtskonventioun bäidréit – besser haut wéi muer. Dofir si mer dësem Projet de loi prinzipiell positiv gesënn.

Fir dem Grondrecht op Inklusioun an Zukunft dann nach méi gerecht ze ginn, féiert – an dat ass och scho gesot ginn – fir d'éischt awer emol kee Wee

laanscht e massive Rekrutement vu gutt ausgebildetem Personal mat enger gudder Grondausbildung um Niveau vun der schoulescher Inklusioun. An deem Sënn begreisse mer och, dass do e Masterstudium méiglech gëtt.

Dozou gehéiert awer och eng kloer Definitioun vun den Tächen a vun de generelle Missiounen vum deene Leit, zesumme mat engem Plan de travail, deem definéiert muss ginn an dee sech jo dann och an engem anere Projet de loi zréckspigelt, dee mer, denken ech, nach virum Summer wäerte stëmmen. Dat ass op alle Fall eis Hoffnung.

Ech wëll awer och e Wuert zu den Infrastrukture soen, déi och eng bedeitend Roll spillen, wann et ëm Inklusioun geet, awer net oft thematiséiert ginn. Et ass leider esou, dass wéineg iwwer innovativ an inklusiv Raumkonzepter geschwat gëtt, esou wichtig se och sinn. Se limitéiere sech net just op eng gutt Accessibilitéit vun de Gebaier, mee op eng ganz Rei aner Voleten, déi eng Diskussioun wäert sinn – géif ech emol mengen.

Inklusioun ass dann awer och eng Saach vun Terminologie. An deem Sënn begreisse mir als Gréng, dass den Term „besoins particuliers“ mat dësem Projet de loi ofgeschaaft gëtt an dass déi méi breet gefächert, inklusiv Notioune vu „besoins éducatifs spécifiques“ zréckbehalen gëtt, wat och de Comité des droits des personnes handicapées recommandéiert huet.

En anere Punkt ass d'Evaluatioun vun der Inclusion scolaire, déi jo kierzlech vun Iech virgestallt ginn ass an der Kommissioun, e weidere Punkt, op deem ech nach kuerz wëllt agoen. Dës Projet de loi erhieft nottament den Usproch, e puer punktuell Schwächen ze behiewen, déi am entsprecheenden Rapport iwwert d'Centres de compétences deemools identifizéiert gi sinn.

Dozou gehéiert an éischter Linn, dass e fixen Delai vu véier Schoulwochen fir den Diagnostic vu Kanner mat spezifesch Besoinen an dëst Gesetz ageschriwwen gëtt. Dat ass eng Suerg, déi um Terrain gedeelt gëtt a wou vill Leit dermat konfrontéiert sinn. Dat ass och deemools ënnerstrach ginn. De Virdeel vun deem fixen Delai besteet ganz kloer do dran, dass d'Personal um Terrain eng Perspektiv kritt, wéini den Diagnostic spëtstens soll virleien a wéini déi néideg Dispositiven dann och agesat kënnen ginn.

Bis elo war et jo esou, dass d'Personal éischter am Däischtere getappt ass a riskéiert huet, d'Motivatioun ze verléieren, fir iwwerhaupt mat de Centres de compétences zesummenzeschaffen, wat och hei an engem effentlechen Debat an Theema war. Mir hunn déi Approche natierlech net ënnerstëtzt, mee et war awer eng Tatsaach, dass dat Theema do esou beschriwwen ginn ass.

D'Gefor – an déi wëll ech awer och thematiséieren –, déi sech hannert deem fixen Delai verstoppt, ass déi, dass en einfach net agehale gëtt, sief et weinst der Komplexitéit vun der Situatioun vum Kand, sengem kierperlechen a mentalen Zoustand a sengem ganze Vecu, deem analyséiert muss ginn – an dat ka laang daueren, do muss ee vläicht kucken, ob net awer verschidden Ausname méiglech sinn, wann et eng komplex Situatioun ass –, sief et dann awer och weinst dem Mangel u qualifizéiertem Personal, dat fir den Diagnostic zoustänneg ass. Also ee Grond méi, fir d'Ausbildung an de Rekrutement vun héich qualifizéiertem Personal prioritär unzegoen.

E Pluspunkt, deem ech nach wëllt ervirhiewen, ass dann deem, dass d'Commission des aménagements raisonnables an dëst Gesetz integréiert gëtt. Hei geet et jo drëms, dass d'Schüler Däitsch oder Franséisch

als Langue véhiculaire an de Questionnairen oder beim Verfaasse vun Texter därefer benotzen.

Wann ech richtig verstane hunn, zielt dës Dispositioun allerdéngs just am Enseignement secondaire général. Dir kënnt mech verbesseren, wann ech mech ieren. Sollt dat esou sinn, froe mer eis awer, ob et net besser wier, déi doten Ausnam och an allen Zorte vun Enseignement zouzeleossen, dat heescht, den Aménagement raisonnable um Niveau vun de Sproochen alle Jonken zouzegestoen, déi an de Lycéeën ënnerwee sinn, am Enseignement secondaire. Dat géif d'Chancégerechtkeet generell erhéien, an dat ënner gereegelte Konditiounen.

Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vun eiser grénger Fraktioun. Ech wëll net op weider Detailler agoen, well d'Zäit eis fortleeft, mee ech mengen, et ass e Projet, deem natierlech evaluéiert ka ginn no zwee Joer, mee generell huet en déi richtig Ausrichtung, well et ëm d'Mënscherechter, ëm d'Kannerrechter an ëm de Jugendschutz geet.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här Präsident. Léif Kollegen, et ass spët, ech probéieren, et schnell ze maachen, dann ass jiddweree frou. Merci dem Rapporteur awer – dat muss sinn, déi kuerz Zäit – fir säi Rapport. An ech fänken un domadder, dass ee muss feststellen, dass d'Gewerkschaften hei guer net zefridde sinn. Si krute versprochen, dass dat heite gläichzäiteg mat deem Gesetz géif gestëmmt ginn, wat hir Aarbechtsbedéngunge betrëfft. Dat ass net de Fall, well dat heite gëtt elo virun der Sommervakanz gestëmmt an dat anert da warscheinlech duerno. Dann hu mer eng nei Regierung – vläicht, vläicht och net. Op jidde Fall ass dat e Punkt, wou d'Gewerkschaften ganz staark enttäuscht sinn a sech eebe leséiert fillen – fir et emol esou ze soen.

Kuerz zum Inhalt: Et ass sécherlech, soen ech elo mol ... Dat, wat mer alles elo hei héieren hunn, dat klängt ganz gutt. An dat sinn och – da soen ech emol – positiv Saachen. Natierlech solle mer déi Kanner ënnerstëtzen, déi iergendwéi vläicht da gewësse Problemer hunn an net esou matkommen. Alles ganz richtig, alles ganz gutt. Méi Inklusioun etc., dat ënnerschréiwe mir och, dat ass ganz gutt.

Ech froe mech awer dann trotzdem hei – an dat ass och schonn ugeklungen –, et brauch ee just déi Ofkierzungen alleguer ze liesen: All déi Acteuren, déi geschaaft ginn, déi Posten, déi verschide Servicer, wou ech mech duerno och froen, well ech war selwer laang genuch an engem Lycée ... Dunn hate mer scho ganz vill Leit, déi déi Ofkierzungen, déi et schonn deemools gi sinn, net alleguer kannt hunn a wéi dat alles do funktionéiert a wat et alles gëtt.

An et gëtt ëmmer méi komplizéiert. An ech froe mech wierklech, ob dat e Plus ass fir d'Liewen um Terrain. Mee mir sinn hei net um Terrain, mir sinn hei an der Chamber. Mir maachen hei d'Gesetz, an dat ass Theorie. An dat, wat duerno um Terrain geschitt – op jidde Fall menger Erfahrung no –, ass ganz oft eppes ganz aneres. Dat ass d'Praxis. Déi gëtt dann ëmgesat vun deene Leit, déi tatsächlech um Terrain sinn an déi och wëssen, wéi et leeft.

Dat sinn iwweralls och normalerweis déi, déi an de Gewerkschaften sinn. An déi, déi an de Gewerkschaften sinn, sinn also och déi Leit, déi am Fong d'Spezialiste si fir déi Saachen. An et sollt een hinnen also méi nolauschteren. Si haten eng ganz Partie Kritikpunkten. Déi sinn awer net berücksichtegt ginn, soe se. Ech

gleewen hinnen dat och. Firwat sollte se d'Onwourecht soen? Voilà, et gëtt also gefaart hei: administrative Waasserkapp, déi üblech Saachen, déi mer ëmmer méi an der Schoul hunn, an ëmmer manner d'Aarbecht um Terrain. An dat ass deelweis, wéi se soen, dann och eng Verschlechterung, déi do matkënnst.

E Wuert nach: Et ass geschwat gi vum Kannerschutzbeoptraagten. Et ass geschwat gi vun där Mobbinggeschicht, eng ganz schlëmm Saach. Ech wëll hei eng Kéier profitéieren an der Chamber fir ze soen, dass, wann e Fonctionnaire, e Schoulmeeschter oder e Proff an engem Lycée, eng Strofdot feststellt oder e Verdacht op eng Strofdot, da muss en d'Police avertéieren. Ech soen dat hei ganz geziilt, well et sinn der vill, déi ruffen an d'Direktioun un oder bei den CePAS oder wat och ëmmer. Nee, nee, nee! Si sollen direkt d'Police informéieren, fir dass eng Plainte gemaach gëtt – dat muss se als Beamte maachen, de Minister kann dat bestëmmt bestätegten –, an den Direkter duerno avertéieren, natierlech. Mee de Beamten, wann en eppes gesäit, muss d'Police avertéieren, och wann et innerhalb der Schoul ass. An dat hat ech och am Lycée. Da kënnt d'Police och an d'Schoul, ob den Direkter dermat averstanen ass oder net.

An dann nach zwou Saachen, déi elo net ugeschwat gi sinn: Do geet et ëm d'Sprooch. Dir wësst, dat muss ech ëmmer alles kucken. Do ass virgesinn, dass déi, déi an de Klassen „à objectifs spéciaux“ a „classes spécialisées“ just eng Sprooch vun deenen dräi administrative solle kënne. Mir sinn ëmmer derfir, dass allegueren déi Leit, déi beim Staat ugestallt sinn, déi dräi administrativ Sprooch kënne, well mer eis Dräisproochegkeet verteidigen.

An an engem aneren Artikel vun deem Gesetz vun 2006 – dat ass elo en Detail, do kann ee soen: „Ierbesenzieler“, mee soit, ech soen et awer –, do steet: „les trois langues du pays“. An ech wëll am Fong soen, dass mer keng „trois langues du pays“ hunn. Dat ass eppes, wat oft an den Jobannoncen am „Wort“ benotzt gëtt, mee mir hunn am Fong eng „langue du pays“. An dofir steet jo an der neier Verfassung, dass d'Sprooch vum Grand-Duché vu Lëtzebuerg Lëtzebuergesch wier. Punkt!

Voilà, ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools, Här Keup. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) |** Här President, als Alleréischts dem Rapporteur e grouse Merci fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport vun deem Omnibusgesetz. Dese Projet de loi 8169 huet et a sech, wat d'Verhandlung mat de Gewerkschaften ugeet, well den SEW iergendwann einfach ausgeschloss gouf a just da mat der CGFP weiderverhandelt gouf – wou ee sech seriö Froestelle muss, wat dann do eigentlech passéiert ass. Mee vläicht kann den Här Minister eis dozou déi néideg Erklärungen ginn. Et gëtt der vläicht.

Der CGFP gouf an de Verhandlung vum der Säit vum Ministère versprochen, dese Projet de loi zesumme mat dem Gesetz vun den Aarbechtsbedéngunge vum edukative Personal, dem Projet de loi 8163, op d'Agenda vun der Chamber ze setzen. Deem ass awer elo net esou, wéi mir dat haut hei kënne gesinn. An dat wäert och net méi virun der Summervakanz op de Rôle kommen.

Dese Projet de loi gouf virgezunn an d'Urgence gouf beim Staatsrot evoquéiert, fir dass desen nach virun

der Summervakanz zum Vott komme kéint. Béiss Zongen, awer och en Artikel haut an enger Lëtzeburger Tageszeitung behaupten, dëst géif weinst enger bestëmmter Persoun esou gehandhaabt ginn, well déi ab 2025 keng Daseinsberechtigung als Direkter méi hätt, well et keng Ediff méi gëtt. Mat deem Projet de loi gëtt hei en neien Direkteschposte geschafen, esou dass déi Persoun hire Poste bis 2030 als Direkter garantéiert hätt. Mir als déi Lénk géife jo hoffen, dass dat do alles Gerüchteküche wär. Mee leider fäert mer, dass deem esou ass, well et jo och an der Zeitung esou nozeliesen ass.

Här President, niewent deem Fait kënnt dann och nach eng zweet Saach, an zwar dass den Avis vum Conseil supérieur des personnes handicapées eréischt op dese Rôle gesat gouf, nodeems si selwer desen Avis den Deputéierte gemailt hunn. Mir hunn eis d'Fro gestallt, ob dat en Oubli war respektiv wou desen Avis hänkebliwwer war. Well soss muss ee sech d'Fro stellen, ob mir als Deputéiert och ëmmer all Aweise kréien, déi erakommen, fir eis Aarbecht kënne seriö ze maachen.

Här President, am Allgemenge gëtt et eng Hellewull Kriticken un deem Gesetz. Mee eng no där anerer. Fänke mer beim Secondaire un. Hei ginn och elo ESEBen, Équipes de soutien des élèves à besoins particuliers, agesat, geneesou wéi am Fondamental, wat eng super Saach ass, esou wéi och den Délégué à la protection des élèves. Ech mengen, déi honorabel Madamm Hansen huet dat schonn am Detail gesot.

An de Lycéeë kritiséieren den SEW mat der APCCA de Bien-fondé, fir en edukativen a psychosozialen Département ënnert der Autoritéit vum Soudirekter ze schafen. Si schwätze souguer vum engem Kontroll- a Surveillanceorgan, dee riskéiert, d'Aarbechtsklima ze vergëften.

Här President, komme mer elo bei de Fondamental, och hei déi eng oder déi aner Kritik vun de Gewerkschaften. An den ursprüngelechen Verhandlungen ass anscheinend ni rieds gaange vum engem Posten A-EBS. Deen ass einfach bäigesat ginn, ouni vusäite vum Ministère Récksprouch mat de concernéierte Gewerkschaften ze huelen, wat de Profil vun esou engem Poste soll/muss sinn.

Här President, de Comité de liaison stéisst dem SEW mat der APCCA och sauer erop. Si opposéiere sech formell esou enger Pseudodelegatioun vum Personal. Dës hu just limitéiert Attributiounen, se mussen nämlech alles un hir Direktioun weiderleeden. Si hu weeder Stonnen dofir zegutt, nach Moyenen, mat dem Personal ze kommunizéieren. Se sinn och net géint e Licenciement geschützt oder eng Modifikatioun vun hirem Kontrakt. Dat steet alles an engem Bericht vun der APCCA/SEW ze liesen. Dat kënnt wierklech net vun eis. Also, mir hunn dat geschéckt kritt. Dofir si mir jo fro, fir mat Iech doriwwer och kënne ze schwätzen an dass mer hei och déi néideg Explikatiounen kréien. Ech mengen, dat wäert vläicht verschidde Saache besser erklären a méi kloer maachen. Si si komplett ofhängeg, laut hirer Ausso, vun hiren Direktiounen, voire dem Direkter an dem Soudirekter.

Här President, et gëtt awer och e Liichtbléck an deem Projet de loi, an zwar dass am Kader vun deem Gesetz e Passus drastoe kënnt, dass nieft den Elteren och d'Enseignanten därengen eng Assurance de conseil an eng Guidance psychologique fir en oder eng Schüler/in ufroen. Hei wär den Term „soutenance“ fir d'Gewerkschafte méi appropriéiert gewiesch wéi dee vum „conseil“, well eigentlech brauch den Enseignant a bestëmmte Fäll eng Soutenance, an net nëmmen e Conseil. Mee dat ass awer och elo nëmme rengt Gepiddels.

Här President, komme mer elo bei d'Centre-de-compétences. Vu dass hei am Tächegesetz 8163 jo soll gereegelt ginn, wéi d'Schaffzäiten ausgesinn, an dass den Diagnostic och absolut näischt mat de Schoulvakanze méi ze dinn huet – si schaffe jo anscheinend, no deem neien Tächegesetz, da riicht duerch –, kéint een och d'Zäitschinn vum Diagnostic an en Delai vun dräi Méint, ouni d'Vacancen dann, rechnen. Dat géif et nach méi séier maachen, fir den Enfants à besoins spécifiques ze hëllefen, wat nach ëmmer awer e Problem ass.

Et muss awer och séchergestallt sinn, dass een iwwerhaapt genuch Personal huet, fir déi Aufgaben do an där Zäit kënne ze stemmen. Och dëst wär anscheinend eréischt mam Projet de loi 8163 definitiv ze reegelen. En anere Bemoll wär och, dass den Dossier vun de Kanner net automatesch weidergeleet gëtt un déi professionell Leit, déi et concernéiert, well dat géif wierklech och an där ganzer Schinn Zäit spueren.

Här President, komme mer elo zur Commission des aménagements raisonnables. Hei steet d'Fro am Raum, wéi déi zwee Kandidat/innen aus dem Secondaire an de Representant vun de Centre-de-compétences ausgewielt ginn. Vlächicht kréie mer och do eng Erklärung derzou, wéi do de Modus vivendi ass an ob et do net och vlächicht néideg wär, dass Vertrieeder/innen vun de Gewerkschaften dra wäeren.

Här President, komme mer elo zum SNEI, dem Service national de l'éducation inclusive. Ech si jo schonn am Ufank vu menger Ried op deen Direkteschposten agaangen. Doniewent ass desen neie Service an eisen Aen e Waasserkapp, och wann en e legale Kader setzt, dee wierklech wichteg ass. Fir déi Strukturen, déi schonn existéieren, wäert dese vusäite vun de Kompetenzzentren leider als Kontrollorgan ugesi ginn an och leider zimmlech wäit vum Terrain bleiwen.

D'Gefor besteet, dass d'Kompetenzzentren komplett entmacht ginn an nach just ausféieren, wat den SNEI decidéiert, anstatt selwer kreativ ze ginn an Decisiounen ze fällen am Sënn vum Kand. Dese funktionéiert och an der Logik vum engem New Public Management a bréngt u sech keng Verbesserungen um Terrain. Au contraire, et muss hei nees alles dokumentéiert an evaluéiert ginn. D'Bürokratie léisst hei och grëssen! Dëst alles hëlt nees vill Zäit ewech, déi de Kanner dann awer net méi zeguttkënnst.

Här President, ech mengen, Dir héiert eraus, wuer eis Rees hiféiert. Mir als déi Lénk kënne deem Projet de loi och net zoustëmmen.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Cecchetti. An da wier et um honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) |** Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och dem Claude Lamberty fir de gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport. Jo, vill Schüler kämpfen hei am Land am Laf vun hirem schoulesche Parcours mat deem engen oder anere Problem – mol méi grav, mol manner grav. Déi manner grav, déi léise sech meeschtens aleng duerch Zäit, duerch e bëssen Effort, duerch den Enthusiasmus, den Engagement vum Léierpersonal a vun de Schülerinnen a Schüler, vun den Eltere selwer op. Mee dass et der och gëtt mat méi grave Problemer, dee Problem ass net nei! Mir wäerten en och warscheinlech ni ganz aus der Welt geschafft kréien. Dat ass ganz normal.

An et gouf jo och an deene leschte Joren ëmmer nees eppes gemaach, fir dass dese Schülerinnen a Schüler méi Hëllef soll zoukommen, aner Hëllef, méi cibléiert, mee dacks sinn déi Mesure guer net oder eréischt vill

méi spéit wéi geplangt um Terrain bei de Kanner a Jonken ukomm, zum Beispill och mam Resultat, datt vill ze vill Jonker d'Schoul ouni Ofschloss verlooss hunn. Well am plaz gehollef ze kréien, goufen dës Jonker dann awer an der Vergaangenheet – Tempi passati, ech schwätzen iwwert d'Vergaangenheet – am Ree stoe gelooss, an dat kann net sinn!

Ob elo dem Minister seng Propos, den Décrochage scolaire domat ze bekämpfen dass een den Alter vun der Schoulflucht an d'Luucht setzt, eng Léisung soll sinn, bezweifelen ech, well et net d'Wuerzel vum Problem bekämpft, mee u sech de Symptom bekämpft. A Problemer kënnen nëmme geléist ginn, wann ee se un der Wuerzel upaakt. An do muss een dann awer och soen: Esou wéi all Problem sinn och all d'Schülerinnen an d'Schüler eenzegaarteg, an dowéinst brauche mer eng enk an op déi jeeweileg Kanner zougeschnidden Hëllef. A jo, dat soll mat deem heite Projet geschéien, an dat liest sech an der Theorie exzellent.

Et gouf och mam Terrain zesummegeschafft, fir dee Projet hei auszeschaffen. Se ware vläicht net Demandeur, mee no allem, wat mer héieren hunn, hu sech d'Gewerkschafte jo och mat an deem Projet hei abruucht an et liest ee jo och hir Handschrëft zu engem groussen Deel eraus.

Trotzdem stelle sech fir eis Piraten a puer Froen. D'Delaie fir den Diagnostic ze etablieren, solle méi kuerz ginn. Ech sot, an der Theorie liest sech dat alles exzellent an dat ass och eng gutt Saach. Ob dës méi kuerz Delaies awer an der Realitéit herno agehale kënnen ginn, dat muss d'Praxis nach weisen. Ech ginn do emol e Vertrauensvorschoss, datt mer dat hikeréien. Mee u sech brauche mer dofir dann och méi Personal, an dat Personal ass jo haut net do. Dat heescht, ech froe mech, wou dat Personal esou séier soll hierkommen.

An da gesi mer et och kritesch, datt elo d'Assistants pour élèves à besoins éducatifs spécifiques, also d'A-EBSen, da just en Diplom DAP sollen hunn. Ech wëll domat net soen, datt dës Assistenten net och e gudden Job kënnen maachen.

*(Brouhaha)*

Also, léif Kolleeginnen a Kolleegen op der lénker Säit, wann ech Iech langweilen, sot mer et, da maachen ech meng Ried méi kuerz!

**Une voix** | A, dat ass eng gutt Iddi.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ok, manifestement intéressiert verschidde Leit heibannen den Debat iwwer Elèves mat schoulesche Problemer net esou ganz, mee bref!

*(Brouhaha)*

Jo, ech sinn der Meenung, en ... Ech héiere mech bal selwer net, Här Minister, dofir ass et schwéier, meng Wieder ze fannen!

*(Interruptions)*

Ech wëll net soen, datt déi Assistente mat engem DAP e schlechten Job wäerte maachen. Och do ass e kleng Vertrauensvorschoss ginn. Mir mengen awer, datt héich qualifizéiert a spezialiséiert Personal gebraucht gëtt, fir op spezifesch Problemer kënnen anzegoen. An et soll kee Fräifaartschäi sinn, just well mer d'Leit mat deem héije Bildungsniveau net rekrutéiert kréien, elo Leit mat engem anere Bildungsniveau ze rekrutéieren.

An dann zum Schluss – an dat ass awer haut, mengen ech, op där ganzer rietser Säit vun der Chamber hei, also op der Oppositionssäit ugeklungen – hu mer awer och Bedenken, datt hei en administrative

Waasserkapp geschafft gëtt. Dës hu mer an der Vergaangenheet schonn ze oft erlieft. An dës Kanner a Jugendlecher mussen esou séier wéi méiglech gehollef kréien. A wann een do nei administrativ Hürden abaut, da kann dat méi laang daueren, wéi mer u sech wëllen. An duerfir gesi mer dann och d'Schafte vun deem neie Service national de l'éducation inclusive kritesch.

An an deem ganze Kontext ass jo elo mëttlerweil dann och de Moien nach an der Press eng kleng Polemik entstanen, firwat deem heite Projet als urgent beim Staatsrot, also als politesch Prioritéit beim Staatsrot, deklaréiert gouf an dofir séier behandelt gouf an d'Tâchesgesetz awer net, obwuel do d'Gewerkschaften Demandeur waren. An do gëtt insinuéiert – an ech hoffen, datt de Minister dat widderleeë kann –, datt hei séier nach en neien Direkteschposten hätt misse geschafte ginn. Dat ass nämlech eng ganz ferm ..., jo, u sech ass dat eng ferm Ueschëllung, vun där ech hoffen, datt de Minister déi ka widderleeë, well soss hu mer awer en anere Problem.

Am grouse Ganzen ass dee Projet hei um Pabeier gutt. Ob en et an der Praxis ass, wäerte mer nach gesinn. Mir wäerten op alle Fall eis Zoustëmmung ginn, well mer der Meenung sinn, datt een deem Projet eng Chance muss ginn. An ech hoffen, datt en do ukënn, wou en hiwëllt, an him net à mi-chemin d'Loft ausgeet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationsmi-nister Claude Meisch.

### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Claude Meisch**, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, awer och merci all deenen, déi nach – datt sinn der net wéineg – haut den Owend hei bei eis sinn, ausgehalen hunn, effektiv fir e Projet, deenen, denken ech, seng Bedeitung huet, seng Wichtigkeet huet, virun allem fir dat eenzelt Kand, déi eenzel Famill, déi betraff ass.

Kanner, déi en extrae Besoin hunn, déi spieren dat nach emol anescht, wéi wa mir hei an der Chamber theoreetesch Debaten doriwwer féieren, dofir huet dese Projet seng Bedeitung. An Dir wësst, datt dat heiten e weidere Schratt ass a Richtung vun enger méi inklusiver Schoul, enger méi gerechter Schoul, enger méi mënschlecher Schoul, vläicht och enger Schoul, wou Kanner – an net nëmme si – sech méi wuel kënnen spieren. An duerfir sinn déi eenzel Dispositionen, déi net ëmmer eppes mateneen ze dinn hunn an awer ronderëm déi gesamt Thematik do dréinen, hei zesummegefaasst ginn a bedeuten awer e weidere Schratt a Richtung vun der Inklusioun.

Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen, datt déi eenzel Dispositionen, déi an deem Text stinn, en Deel si vun engem Accord, dee mer mat, jo, där representativer Gewerkschaft fir dee Secteur an och enger Rei vun anere Personalvertriedungen ofgemaach hunn no laangen Diskussiounen. Do waren eng Zäit laang aner Acteuren associéiert. Do si mer awer net weiderkomm a mir hunn eis herno mat deenen, déi eeben d'Méiglechkeet hunn, esou Accorde fir dee Secteur hei ze maachen, dohinnersat a mir sinn och zu dese Konklusiounen komm.

Mir hunn eis och duerno, wéi den Text redigéiert war, nach eng Kéier breet consultéiert mat alle Schoulpartner, mat deenen ënnerschiddleche ënnerschiddlechen Direktiounen, Fondamental, Secondaire, Kompetenzzentren, awer och do nach eng Kéier mat de Vertrieeder vum Personal, mat der

nationaler Elterevertriedung, a ganz konkret um Text nach eng Kéier gekuckt, ob en esou dann och dem Esprit entsprécht. An do ass och nach déi eng oder déi aner Ännerung duerno no deem Consultatiounstour matagefloss.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ënnersträichen, datt hei an der Chamber jo dacks – an et berout jo op enger Motioun vun Ärem Haus – gefrot ginn ass, wéi et mat der Evaluatioun vun deem ganze Reformpak ass, dee mer 2017/2018 hei decidéiert hunn, dee mer implementéiert hunn an de leschte Joren a wou mer jo och elo d'Evaluatioun virleien hunn. A munches vun deem, wat do gefuerdert ginn ass, ass och an deem Gesetz hei mat dran, soudatt et eng logesch Weiterentwicklung vum gesamten Inklusiounsdispositif vun 2017/2018 ass. An ech fannen, datt et richtig Schrëtt sinn, well mer an der Praxis gesinn, datt se noutwendeg sinn.

Ech wëll op eenzel Kriticken hei nach eng Kéier agoen. Ech brauch net déi ganz Virdeeler vun deem Gesetzesprojet an den einzelnen Dispositionen nach emol ze erwänen, well de Claude Lamberty als Rapporteur huet dat ganz ausgiebig gemaach am schrëftlechen an am mündlechen Rapport. Dofir e grouse Merci. Mee et sinn eng Rei vu Kriticken hei formuléiert ginn. E gudden Deel baséiert dann op engem Presseartikel vun haut de Moien.

Ech wëll soen, datt d'Gewerkschafte sech dorunner stéieren, datt mer bei engem Projet de loi elo d'Urgence gefrot hunn – oder den Traitement prioritaire vum Staatsrot – a bei deem aneren net. Dat sinn ech déi éischte Kéier de Moie gewuer ginn, wéi ech dat an der Press gelies hunn. D'Gewerkschaften hunn dat bis elo bei eis net manifestéiert. Dat schéngt se e bëssen ze inquietéieren. Mir hunn natierlech och direkt do nogefrot, an ech denken, datt mer et vläicht awer nach hikeréien, wann de Staatsrot matspillt, fir dat anert Gesetz och nach kënnen virum Summer ze stëmmen. Well ech wëll och soen: Et waren net nëmme d'Gewerkschaften, déi gären eng Kloeerstellung gehat hätte vun der Tâche vum sozioedukative Personal a vum psychosoziale Personal an eise Schoulen. Gradesou war et d'Demande vum Lycée.

A mir wëlle gradesou wéi d'Gewerkschaften, datt mer deem Accord do ëmsetzen a senger Globalitéit, a senger Totalitéit. An duerfir gëtt et hei keen Hannergedanken, fir datt dat eent méi schnell wéi dat anert soll kommen an dat och vläicht guer net méi soll kommen oder eréischt an enger anerer Legislaturperiod an dann nach eng Kéier géif a Fro gestallt ginn.

De Chef de département vum psychosozialen a sozioedukative Personal, wëll ech och nach eng Kéier soen, dat war eng Demande, eng kloer Demande, vun eisen Interlocuteurs, vun deene Leit, vun deenen Dammen an Hären, vun deenen Educatrices, Psychologen an anerem spezialiséiertem Personal, déi an deenen entspreche Service am Lycée schaffen, fir datt ee konkreten Usprechpartner do ass, deen d'Aar-bechtspläng ka maachen, fir datt och een do ass, dee garantéiert, datt déi Leit, déi fir déi doten Aufgaben agestellt sinn, och genau déi doten Aufgabe wouerhuelen an net ofgezu gi fir aner Aktivitéiten.

Dat si Beispiller, déi mir genannt kritt hunn an deene Verhandlungen a wou ech dermadder d'accord war ze soen: Jo, mir hunn dee ganze Beräich do vum Service socio-éducatif, awer och vum SePAS enorm gestärkt déi leschte Joren a mir mussen en awer och strukturéiert kréien, fir sécherstellen, datt en déi Aufgaben och erfëllt, déi en zugewise kritt vun eis, an net genotzt gëtt, fir aner Aufgaben do dann och ze erfëllen.



Ech denken och, datt déi Suerg, déi hei geäussert gouf, wat den Assistant pour enfants à besoins spécifiques ubelaangt, datt deen net no genuch um Terrain wär ... Dach, deen ass um Terrain. Duerfir hu mer e ganz genau rattachéiert un den Instituteur spécialisé pour enfants à besoins spécifiques, eng Schafung, déi mer 2017 gemaach hunn, déi sech bewäert huet. Ech hunn zanterdeem ni héieren, datt dat net eng gutt Iddi war, woubäi sech awer och erausstellt, datt en Enseignant, dee fënnef Joer ..., also en Diplom als Enseignant huet, de Bachelor en sciences de l'éducation oder en Equivalent, dee fënnef Joer Berufserfahrung huet, deen zousätzlech och nach e Master soll hunn oder an der Inklusioun esou eng laang Erfahrung, datt en de Changement de carrière ka maachen – dat ass nämlech de Profil vun deenen –, datt mer net fir all Geste, deen an der Inklusioun an der Schoul ze maachen ass, deen dote Profil brauchen an datt et och eebe Geste gëtt vum direkten Encadrement, wa mer an eng Iessenssituatioun kommen, wann et ëm Hygiène geet, wann et vläicht och ëm aner Soine geet, déi ze maache sinn, wou een net dee Profil vum I-EBS brauch, mee wou mer deen heite Profil ganz gutt kennen asetzen. An ech mengen, datt d'Kombinatioun vun deenen zwee dee richtege Wee ass.

Ech wëll och do nach eng Kéier ënnersträichen, well et jo dacks hei zitéiert gëtt ... Einzelner beschränke sech jo an hire politeschen Iwwerleeungen dorobber, Avisen a Stellungname vun Enseignantsgewerkschaften ze zitieren. Ech wëll nach eng Kéier ënnersträichen: Den I-EBS ass an der Schoul a gëtt vun der Schoul selwer geréiert. Den A-EBS ass herno an der Schoul a gëtt vun der Schoul selwer geréiert. Dat ass wouer. Mee an der Schoul – an hei gëtt esou gemaach, wéi wann et déi Ressourcen net géif ginn –, do ginn all Dag Psychologen, Ergotherapeuten, Orthofonisten, Pedagogon a Sozialpedagogen an an aus.

Jo, déi sinn net nëmmen un eng Schoul rattachéiert. Mir hu Schoulen; déi eng hunn 90 Schülerinnen a Schüler, an déi aner hunn der 900. Do kënnen mer natierlech net dee selwechten Encadrement vun deenen dote spezialiséierte Kräfte assurieren an enger Schoul vun 90 Kanner wéi an enger Schoul vun 900 Kanner. An duerfir hu mer gesot: Mir reegelen dat an der Regioun ënnert der Direktioun. An natierlech denken ech awer emol, datt déi Leit, déi sech an der Direktioun dorëms këmmen, esou intelligent sinn, datt se, wann et genuch Besoin gëtt fir e Psycholog an enger Schoul oder fir en Ergotherapeut oder fir en Orthofonist oder e Sozialpedagog, deen natierlech dann och ganz dohinner ginn an net mutwëlleg der e puer hin- an hiertingele loosse an hirer Regioun, soudatt mer eigentlech hei just iwwer eng optimal Allocatioun vun de Ressourcen, vu rare Ressourcen, schwätzen. An ech denken, datt dat am Interessi vun de Kanner ass an och vun all den Enseignanten.

Wat den Delai ubelaangt vum Diagnostic, ass dat eng Diskussioun. Ech verst se, muss ech soen. Ech verst se. Op där enger Säit gëtt gesot: „Hei ass e Kand, dat brauch Hëllef, an da kënnen mer net méintelaang waarden, bis déi Hëllef kënnt.“ Dofir hu mer en Delai elo an d'Gesetz ageschriwwen. An op där anerer Säit

verstinn ech awer och déi Spezialisten, déi den Diagnostic mussen assurieren a soen: „Ech kann a véier Wochen do net alles soen a schreiwen. Ech brauch méi laang, fir eigentlech ze wëssen, wat wirklech de spezifesch Besoin ass a wat fir eng Hëllef deem Kand do wirklech soll zeguttkommen.“

Dofir fannen ech, datt déi Kombinatioun, déi mer hei hunn, fir en Delai an der Schoul vu véier Wochen ... an awer, wann et doriwwer eraus muss goen, da kënnt no véier Wochen och eng Hëllef allerspéitstens, wann en éischten Diagnostic gemaach ass. A wann et doriwwer eraus muss goen, dann huet e Kompetenzzentrum natierlech och d'Méiglechkeet, den Diagnostic komplett ofzeschleissen an dann déi Hëllef och nach eng Kéier ze ajustieren, fir ze kucken: Ass et eng vun der regionaler Struktur oder eng vun engem nationalen Kompetenzzentrum? An dann hu mer béides, mengen ech: e korrekten Diagnostic, well deen ass wichteg, fir de Kanner och richtig kënnen ze hëllefen, an op där anerer Säit awer och eng schnell Hëllef, déi an der Klass Entlaaschtung, beim Kand direkt Entlaaschtung an Hëllef ka bréngen.

Vläicht e puer Saachen nach zur CAR. Also, ech liesen den Text esou an ech hunn en ëmmer esou verstane, datt deen Dispositif, dee mer do asetzen, fir de ganze Secondaire ass an och fir d'Berufsausbildung, datt mer hei dat net nëmmen op den Enseignement secondaire général limitéieren, mee dat ass fir de Classique, dat ass fir de General an et ass och déi selwecht Prozedur fir d'Berufsausbildung. Duerfir weess ech net, wou dat doten hierkënnt.

Eppes fannen ech dann awer schued: datt eppes, wat sech an der Press zesummegeponne gëtt, hei einfach esou weidergefuert gëtt. Ech muss soen, datt, wann et do ëm Leit aus mengem Ministère geet, wou elo ënnerstallt gëtt, hei géif dat Gesetz quasi elo duerchgebaatscht ginn an de Staatsrot wär gedréckt ginn, hei en Avis ze ginn, fir datt déi herno eng Nominatioun kréien, woubäi se déi haut hunn ... A wann ech dat richtig verstane hunn, leeft déi jo eréischt 2025 souwisou aus an da géif och ech souwisou net als Minister do e Prolongement kënnen dem Grand-Duc – oder d'Regierung dem Grand-Duc – proposieren, mee mäin Nofollger géif dat da maachen. Well wann ech dat e bësse beieneeleeeën, mierken ech eigentlech, datt dat doten net klappt an eigentlech kee Sënn ergëtt. Mee datt dat awer esou iwwerholl gëtt an hei weidergesponne gëtt, dat bedauern ech och am Interessi vun deene Leit, déi all Dag de Kapp duerhalen, fir déi Aarbecht ze maachen.

Jo, déi gëtt vläicht heiansdo kritiséiert, dat ass wouer, jo, an et ass och esou, datt mer Strukturen an och responsabel Leit an eise Ministerie brauchen, déi déi Aarbecht do maachen. Well wann ech hei emol héieren, wat alles gefuerdert gëtt, da brauch och de Ministère responsabel Leit an de jeeweilege Servicer. Da brauche mer déi Servicer a mir brauchen och do Direkteren, déi genau dat ëmsetzen, mat deene Strukturen drënner, wat mir alleguerten hei als sënnavoll eruechten. Ze mengen, mir féieren hei eng Debatt an da stëmme mer e Gesetz an da géif dat iwwerall vun haut op muer ëmgesat ginn, dat ass dach e bësse vill där Naivitéit, déi, ech fannen, esou e Projet hei net verdéngt huet.

Dofir soen ech deene Merci, déi dat heite matstëmmen, an ech bedauern, datt d'Zoustëmmung bei esou engem wichtige Sujet, dee wirklech Hëllef fir d'Kanner, hir Elteren a fir d'Enseignantë bréngt, net méi grouss ass wéi eebe just eng Säit hei am Haus.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoools dem Educationminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8169. Den Text steet am Document parlementaire 8169<sup>7</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8169 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 33 Jo-Stëmme géint 24 Neestëmme bei kenger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann (par M. André Bauler), MM. Pim Knaff (par M. Claude Lamberty), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Tess Burton, Francine Closener (par Mme Simone Asselborn-Bintz), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Djuna Bernard), Chantal Gary (par M. Marc Hansen), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher, Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Max Hengel), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 20.50 heures.)